



Oochen, de 5. Oktober 2022

## Communiqué fir d'Wantersemester 2022/2023

Léif AVL'erinnen, Léif AVL'er,

D'Wantersemester 2022-2023 kënnt mat grouse Schrëtt méi no, dat heescht et gëtt héich Zäit dat mir Iech mat dësem Communiqué iwwert déi geplangten Eventer vum AVL op den neiste Stand setzen. De ganze Comité freet sech schonns drop fir mat Iech dat neit Semester an Ugrëff ze huelen an eng flott Zäit mat Iech ze verbréngen. Och dëst Semester sti rëm vill flott Aktivitéiten um Programm dofir lount et sech och de ganze Communiqué ze liesen.

Natierlech fänke mer dat neit Semester mat der **Soirée de Bienvenue** un, déi dëst Joer den **12. Oktober am Kaktus** ass. Mat dëser Soirée wëlle mer déi nei Erstien zu Ooche wëllkomm heeschen an eng éischte Kéier sou richtig mat hinne feiern. Wei soll een säi Studium och ouni eng gutt Feier anstänneg ufänken? Dofir wäert et ab 20 Auer en Fräibéier mat Dikrecher Béier ginn. Natierlech geet et heibäi awer net nëmmen em d'Feieren, et ass och eng gutt Geleeënheet fir mat dem Comité a Kontakt ze kommen, et lount sech also och als net drénkaffine Mënsch ze kommen. Des Soirée bitt natierlech och allen aneren AVL'er eng gutt Geleeënheet fir sech no der Klausurenphase rëm ze gesinn.

**Mëttwochs, den 19. Oktober** ass eis **Stee** vun de Sale Bleuen a Bleuetten am Kaktus. Hei wiere mer natierlech rëm frou, souvill wéi méiglech Erstië begréissen ze kënnen déi bei eis hier Daf wëlle maachen. No der Stee hutt der dann en Parrain bzw. eng Marraine, déi Iech bis zur Daf zur Säit steet. Domat hutt der och direkt eng Uspriechpersoun, falls der nach aner Froen zum liewen zu Oochen sollt hunn. Eng Stee ass awer näischt ouni puer motivéiert Bidder déi op eis Sale Bleue steeën, dofir ass et och wichteg dat ganz vill gedeefte AVL'er an AVL'erinnen ob dëst sprëtzege Event kommen.

Fir **Samschdes, den 22. Oktober** invitéiere mer Iech dann zesumme mat eisem Anciens Comité an eisem 125 Joer Comité ob eng **Akadesch Sëtzung mat uschléissender Soirée de Gala**. Dat ganz fänkt um **18 Auer an Hotel Parc Belle-Vue an der Stad** un a stellt ee vun eisen Eventer déi mer fir den 125. Gebuertsdag vum AVL organiséiert hunn duer. Nieft puer Rieden déi eise President souwéi de President vun den Ancien an deen een oder anere Special Guest schmässe wäerten, ass dëst och eng flott Geleeënheet fir bësse méi iwwert Geschicht vum AVL gewuer ze ginn an duerno zesummen ob dee flotte Jubiläum unzestoussen. Natierlech gëtt dat ganz nach perfektionéiert vun engem Optrëtt vum "Ancien Männerchouer". Soubal d'Umeldungen heifir uginn, soe mer Iech per Mail Bescheid.

Eng gutt Daf brauch natierlech och eng gutt Planung an dofir wäerte mer fir **Méindes den 24. Oktober eng Dafversammlung** organiséieren. Bei dëser ginn déi verschidde Chargen a Statioune vun der Daf opgedeelt. Fir un dëser Versammlung kënnen deelzehuelen ass et natierlech noutwenneg dat ee selwer eng Daf matgemaach huet, dofir dierf och keen! Sale Bleu hei derbäi sinn. (Dir gitt fréi genuch gewuer wat lech erwaart.)

**Donneschdes de 27. Oktober a Freides den 28. Oktober** huet den AVL da rëm en Stand ob der **Studentefoire**. Hei wäerten mer de Schüler rëm äifreg Wuert an Äntwert stoen an se motivéiere fir dat bescht aus hirem Liewen ze maachen an ob Oochen studéieren ze kommen. Dëst Joer wäert d'Foire dann och rëm um **Campus Belval** stattfannen. Wann s och du eis wëlls hëllef fir genuch Bleuen a Bleuette fir déi nächst Stee opzedreiwen der mell dech béi mir ënnert [felix.rippinger@avl.lu](mailto:felix.rippinger@avl.lu) fir dat mer vun deene meeschte Studiumer ee sur Place hunn.

D'Studentefoire ass awer net dat eenzeg wat dee Weekend um Programm steet, dat bei wäitem mäi flott hunn mer eis nämlech fir direkt no der Foire opgehale. Nodeems mer eise Bal d'läscht Joer leider misste kuerzfristeg ofsoe kënt en lo nach vill besser a vill méi grouss zréck. Den **Oochener Bal** wäert also dëst Joer **Freides den 28. Oktober** sinn. De Bal ass och net méi an der Stad mee des kéier zu **Dikrech an der Aaler Seeërei** wou mer en vill méi grouse Sall zur Verfügung hunn. Fir dat eis Néioplage och en grouse Succès gëtt hoffe mer souvill wéi méiglech Leit do begrëssen ze kënnen. Dofir rabbelt gäre bei äre Kolleegen a Kolleginnen un der Werbetrommel an iwweezeit se dat se dëst Event absolut net verpassen dierfen. Fir méi Infoë kënn der se och gären un eist Facebook Event oder un eisen Instagram Channel weiderleeden. Fir Ticketen ze kréie kënt der lech bei engem aus dem Comité mellen oder ob eent vun eisen Eventer kommen.

Ab dem **4. November bis de 6. November** hunn mer eng verlängert Versioun vun eisem Weltberüumten **Intercercle, dem Caférallye**, geplangt. De genauen Oflaf vun eisem Intercercle steet nach net fest, dofir biede mer lech, lech nach bëssen ze gedëllegen, soubal mer méi wësse schécke mer eng Mail mat all den Detailer ronderëm. Souvill kann ech lech awer scho verroden, den Haaptdeel, also de Caférallye selwer, wäert sou bleiwe wéi déi Jore virdrun, e wäert just net méi Owes stattfannen. Fir déi déi nach ni bei dem Rallye derbäi waren, heibäi gitt der a Gruppe vu ca. 10 Leit duerch verschidden Oochener Cafée geschéckt an deenen der nieft puer Béier drénken och eng etlech flott Spiller musst maachen. Natierlech kënnen, a sollen am beschten, d'Ekippe mat Frënn a Frëndinnen aus anere Cercle gestärkt ginn an et muss och an all Grupp mindestens ee Bleu oder eng Bleuette dra sinn.

**Freides den 11.11.** geet et natierlech rëm an eis klengt Nopeschduerf **Köln fir den Ufank vum Karneval** ze feieren. Wéi eis zu Ouere komm ass plangen eis Kölner Kolleegen ebenfalls fir hiren Intercercle iwwert de ganze Weekend ze strecken. Hei gëllt awer dat selwecht wei bei eisem IC, et ass nach net alles final geplangt dofir soe mer lech Bescheid soubal mer méi wëssen.

**Mëttwochs, de 16. November** ass et da fir eis Sale Bleuen a Sale Bleuette souwäit an si kënnen endlech hier onvergiesslech Daf matmaachen. Dat ganz fënnt Owes duerch ganz Oochen statt, sou dat och keen en Kuer dofir schwänze muss. Wann der also gesteeet gouft da kommt ob dësen Owend fir dat der en "richtegen" AVL'er kënt ginn, dir wäert och duerno genuch driwwer ze ziele wëssen. Zum Schluss gëtt dann och nach de "Roi des Bleus" an d' "Reine des Bleuette" gekréint, ee ganz besonneschen Titel vir den AVL.

**Donneschdes, de 24. November** ass onsen traditionellen **Lëtzebuenger Béierowend** am Pfaffentuerm. Wéi den Numm et scho seet ass dëst en Owend ob deem mer ob eise gudde Lëtzebuenger Béier ustoussen, an net nëmmen een!. An vue dat et awer mol ka langweileg ginn ëmmer deen nammlechte Béier ze drénke bidde mer lech hei ca. 10 verschidde Béierzorten un, sou dat der lech duerch déi ganz lëtzebuergesch Béierkultur kënt drénken.

Fir dat och eis Brains zu Oochen sech géintenee moosse kënnen, organiséiere mer den **28. November ee Quizowend**. Hei kënt der a Gruppe géinteneen untrieden a probéieren eis schwéier Froen ze beäntweren. Fir déi cleverst ënnert lech gëtt et duerno och flott Präisser, dofir notzt d'Minutten téscht dem drénke goen fir lech bësse weider ze bilden.

Fir dat eis Kölner Kolleegen a Kolleginnen och mol eng kéier eng Grousstad zu Gesicht kréie gëtt et säit puer Joer Eventer ënnert dem Motto **AVL-meets-LSC**. Dëst Semester soll do och keng Ausnam duerstellen an sou kënt et dat mir **Dënschdes, den 29. November** mam Zuch ob **Köln** fuere fir eis do ob hirem Chrëschtmaart vum stresseg Alldag vun enger Grousstad ze erhuelen. **Dënschdes, den 13. Dezember** kommen Sie da bei eis op **Oochen op de Chrëschtmaart**. Déi lescht Joren hunn gewisen dat dëst ëmmer ganz flott Eventer sinn dofir hoffe mer dat och dëst Semester rëm vill Leit vun lech mat vun der Partie wäerte sinn, soudatt mer dem LSC kenne weise wei flott den AVL ass.

Vun **Freides dem 2. Dezember bis Sonndes de 4. Dezember** ass dann eisen traditionellen **Weekend fir rofzekommen**. Dëst ass net nëmmen ee Weekend wou der kënt vun der "stresseger" Virlesungszäit erofkommen, mee och en Weekend wou vill Ancien de Wee erop/erof op Oochen fannen, vir um Chrëschtmaart iwwert fréier Zäiten ze philosophéieren. Vue dat dëst eent vun de beschten Eventer ass fir mat Ancien a Kontakt ze kommen, steet dëst Event dëst Joer ënnert dem Zeeche vun den 125 Joer Festlechkeeten.

Fir **Mëttwochs de 7. Dezember** hunn mer den **Kleeschen ob eis Glühwäinsoirée** invitéiert a wéi mer de weisen Här kennen, wäert en sech dëst Event sécher net entgoe loossen. Macht et also och sou wéi de Kleeschen a kommt all ob eis Soirée, a falls der lech gutt geschéckt hutt huet de Kleeschen och sécher eppes fir lech derbäi. Wann net da kommt trotzdem well de Glühwäin ass et definitiv derwäert!

**Mëttwochs, de 14. Dezember** steet da ganz am Zeeche vum Norbert (Chef vum Kaktus) sengem Lieblings lëtzebuergesche Béier, dem **Grand-Cru**. Ob dësem gemittlechen Owend am Kaktus kann een sech dann zur Ofwiesslung selwer de Béier opploppen a mat senge Frënn a Frëndinnen ob dem Norbert säi gudde Geschmaach ustoussen.

**Dënschdes, de 27. Dezember, a Mëttwochs, den 28. Dezember**, gëtt et dann traditionell rëm ganz sportlech um **Tournoi de Noël** hier. Ob dësem Event wat 1961! déi éischte kéier organiséiert gouf trieden déi verschidde lëtzebuergesch Cerclen an de véier Disziplinne Basketball, Fussball, Volleyball a Saufen um Geesseknäppchen géinteneen un. Den éischten Dag ass et um Volleyball an um Basketball, den zweeten Dag steet dann de Fussball um Programm. No deenen zwee Ausfäll vum Tournoi déi läscht Joren, wëlle mer dëst Joer rëm eist Kënnen ënner Beweis stellen an eis di éischt Platz sécheren. Dofir brauche mer nieft eisen Toppsportler natierlech och rëm ganz motivéiert an haart Ultras ob den Tribünen

déi ons Ekippen ufeieren. Vue dat ee beim uféieren och oft en dreschenen Hals kritt ass een als Ultra och perfekt gëeegent fir beim Saufpokal tatkräfteg matzedrénken. Fir dat et nieft dem Saufpokal awer och an deenen anere Kategorie fir eng Victoire duergeet, organiséiere mer an deenen dräi Sportarten och erëm en Training zu Kelmis an der Hal. D'Traininge sinn ëmmer vun **21 Auer bis 23 Auer** an dat **Méindes fir de Fussball, Dënschdes fir de Basket an Donneschdes fir de Volleyball**. Bei dësen Trainingsen ass natierlech jidderee wëllkomm a falls der nach net an eiser Facebook Grupp fir déi jeeweileg Sportart dra sidd, da mellst iech bei eisem Sportminister ënnert [daniel.weiler@avl.lu](mailto:daniel.weiler@avl.lu).

Vun **Samschdes, de 7. Januar bis Samschdes, de 14. Januar**, geet et fir déi zweete Kéier fir den AVL op eng **Skivakanz**. Dëst Joer geet et fir den AVL an dat gréisste Skigebitt weltwäit ob Le Levassaix. Hei hunn mer eis ee Chalet gelount an deem mer gemittlech ënnert eis sinn. Wann mer dann net am Chalet setzen, gi mer Ski fueren oder eis um Après-Ski fir den Heemwee warmdrénken. Eng éischt Umeldung war schon am Summersemester, falls awer puer Leit ofsprange géifen, maache mer eng zweet Ronn ob bei där sech deen een oder aneren nach fir des Vakanz umelle kënnen.

Als lescht Event fir d'Wantersemester steet da **Mëttwochs, den 18. Januar** eis alljärelech **AG** um Programm. Mir hoffen dat vill vun iech fir dëst Event kommen an am Uschloss vun engem Resumé vun eisem Joer an der Wiel vum engem neie minabele Comité, zesumme mat eis op en (hoffentlech) gelongent Joer drénken. D'Auszielung an d'Präsentatioun vum neie Comité fënnt da wéi gewinnt rëm am Kaktus statt.

Nieft deenen eemolegen Eenter hunn mer awer och **all Woch Méindes de Lëtzebuenger Owend am Kaktus**. Hei kann een a gemittlecher Atmosphär drop ustoussen dat een de schlëmmsten Dag vun der Woch scho gepackt huet an dat et just nach 4 Deeg si bis dat et rëm Weekend ass. Leider ass et heibäi awer net méiglech just kuerz fir ee Béier laanscht ze kommen, dat gouf schon oft probéiert mee gelongen ass et nach ni.

Fir dat beim **Lëtzebuenger Owend** och déi richtig Stëmmung opkënnert prouft eisen **AVL Chouer**, meeschtens géint 20 Auer, hei bekannte lëtzebuergesch, an zum deel och international, Lidder. Ob's de sange kanns oder net ass heibäi och zimmlech egal dat wichtegst ass just dass de haart sange kanns, trei eisem Motto: "Leiwer haart wei richtig!". Natierlech gëtt et och eng Facebook Grupp an däers de iwwert déi eenzel Prouwen um Courant gehale gëss: <https://www.facebook.com/groups/213125408717490/>

Vue dat mer am Ufank vum Semester nach net all Informatiounen vun den Eenter zesummen hunn hale mer lech per Mail iwwert déi eenzel Eenter um Courant. An eiser Facebook Grupp an op eiser Homepage [www.avl.lu](http://www.avl.lu) stinn och ëmmer déi aktuellsten Informatiounen zu den Eenter. Falls der nach net an der Grupp sollt dra sinn da schéckt eis eng Ufro a mir setzen iech dran. Falls der nach keen Account bei eis um Site sollt hunn, da kann ech lech nëmme roden lech do een ze erstellen, sou kritt der all eis Mailen an dier kommt un d'Fotoe vun de Soiréeën. (Do kënnst der och ëmmer selwer Fotoen eroplueden, wann der dat da wëllt, dat ass déi lescht Zäit leider bëssen a Vergiessenheet geroden.)

Falls da lo nach Froe bei lech sollten opbliwwe sinn, da mellst iech gären ënnert [comite@avl.lu](mailto:comite@avl.lu).

De ganze Comité wënscht Iech en erfollegräicht Wantersemester a mir hoffen Iech ob ville Soiréeë begréissen ze kënnen an vill flott Momenter mat Iech ze erliewen.

Vive den AVL

Vive de Comité

Vive den AVL Chouer

Vive Oochen

Vive eis Memberen, déi natierlech op all eis Soiréeë kommen

Vive Lëtzebuerg

Vive de Wanter

Vive d'AVL Ladies

A Vive an de Kaktus

Fir de Comité,

Felix